



Duerfir nach eng Kéier ofschléissend Merci alleguerten deene Leit, déi eng Hand mat ugepaakt hu bei dësem wichtege Projet de loi eben, deen et eis erméiglecht, definitiv och eis Ënnermusel, nodeem eis Uewermusel jo iwwer e Projet gemaach gëtt vu Perl/Besch, kënnen ze kanaliséieren. Dat ass wierklech dee richtege Wee. A wa mer an där Richtung sinn, da sinn ech gär derbäi, fir do Neel mat Käpp ze maachen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf Merci. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. De Vote fänkt un.

(Interruption)

Ah, entschëllegt, den Här Gibéryen wollt nach eng Kéier d'Wuert kréien.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Den Här Minister hat d'éinescht gesot, ech misst jo wëssen, datt d'Gemengen zoustänneg wiere fir d'Ofwaasser.

Här Minister, ech weess dat. Ech war laang genuch do derbäi. Mä ech wollt awer soen, datt, wann d'Kläranlagen net virginn, dat meeschtens net un de Gemengen hänkt. Well d'Gemenge bezuelen 10% vun de Kläranlagen, an de Stat bezilt 90%. An d'Gemenge bauen d'Kläranlagen eréischt, wa se och wëssen, datt se déi 90% kréien. Ech war selwer 30 Joer an enger Gemengepolitik, an och mir hu 25 Joer gebraucht, net, well mer net wollten, mä well et 25 Joer gedauert huet, bis mer gréng Luucht krute vun der Regierung, datt mer och d'Sue kriten. An dunn hu mer se gebaut.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Gutt. Merci dem Här Gibéryen. Elo komme mer awer zum Vote iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6063 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Raymond Weydert), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Lucien Clement), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Ben Scheuer), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Carlo Wagner), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Henri Kox), Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Den nächste Punkt ass de Projet de loi 5954 iwwert d'lerfschaftssteuer. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Etgen an Hoffmann. D'Wuert huet elo de

Rapporteur vum Projet de loi, den honorebelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

2. 5954 - Projet de loi relatif aux droits de succession et de mutation par décès et modifiant

- la loi modifiée du 27 décembre 1817 sur le droit de succession

- la loi modifiée du 7 août 1920, sur la majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession

- la loi du 31 janvier 1921 concernant modification de l'article 22 de la loi du 7 août 1920, sur la majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession

- la loi modifiée du 13 juin 1984 portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement, de succession et de timbre

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass wuel éischer seelen, dass Ännerungen un der lerschaftssteuer op der Dagesuerdnung vun dësem héijen Haus stinn. Dat ass och gutt esou - net nëmmen am Sënn vun der Rechtssécherheet. Et verwonnert duerfir net, dass dëse Gesetzesprojet Bestëmmungen ännert, déi zum Deel op d'Joer 1817 zrëckginn.

Zweck vum Projet de loi 5954 ass et, d'Besteuerungstaxe vun dem sougenannten Droit de mutation mat deem vun der lerschaftssteuer gläichzesetzen. D'Europäesch Kommissioun huet dat an engem Schreiwes un de Lëtzebuerger Stat vum Oktober 2008 ausdrécklech verlaangt. Déi aktuell Gesetzgebung ass op verschidde Punkten net am Aklang mat de Grondfräiheete vun dem europäesche Bannemaart. Si verstéisst géint déi fräi Circulatioun vun dem Bierger an dem Kapital. An, an dësem Fall, Här President, deele mer fir eemol voll a ganz d'Positioun vun der Europäescher Kommissioun a Saachen direkt Besteuerung.

Nun, ëm wat geet et genee? De sougenannten Droit de mutation ass déi Steuer, déi ufält, wann ee bei eis am Land eng Immobilië ierft, wou de Verstuerwene säi leschte Wunnsätz am Ausland hat. Déi klassesch lerschaftssteuer, op Franséisch den Droit de succession, fält dergéint, vereinfacht gesot, un op dat, wat een ierft, wann dee Verstuerwene säi leschte Wunnsätz hei am Land hat.

Virun 200 Joer hunn dës Ënnerscheeder d'Leit wuel weineg gekëmmert. Esou grenziwwerschreidend Situatiounen waren éischer d'Ausnahm. Haut ass dat net méi en Eenzelfall. Aus enger Rei vu Grënn verschléit et och zum Deel eeler Leit, gewollt oder heiansdo ongewollt, an dat méi oder manner not Ausland, fir hire Liewensowend ze verbréngen. An do kann et bei enger lerschaft emol zu béisen Iwwerraschungen kommen. Fir d'lerschaftssteuer gëtt nämlech den effektive Wunnsätz gekuckt. Dat heescht, wou ee wierklech wunnt, an net do, wou een zum Beispill op enger fiktiver Adress ugemellt ass.

Wann e Lëtzebuerger zum Beispill zulescht am belsche Grenzgebitt gelieft huet an do stierft, da mussen seng Kanner op engem Haus oder Appartement, wat si hei am Land vun Verstuerwenen ierwen, Droit de mutation bezuelen. Hätt de Verstuerwenen dergéint säi leschte Wunnsätz hei am Land gehat, sou géif an deem Fall keng lerschaftssteuer ufalen.

Huele mer e konkret Beispill. De Verstuerwene wunnt fir d'lescht zu Arel, an d'Kanner ierwe säin Haus vu ronn 500.000 Euro Verkaufswäert zu Stengefort. An deem Fall fält zu Lëtzebuerg bei deem Wäert 4,8% Droit de mutation un. Dat wieren an deem Fall ronn 24.000 Euro, also bal eng Millioun där aler Lëtzebuerger Frang. Hätt dergéint dee gudder Mann oder déi gutt

Fra, ier se gestuerwen ass, an hirem Haus zu Stengefort oder soss hei am Land gewonnen, da bräichten d'Kanner keng lerschaftssteuer ze bezuelen, well mir hu jo bekanntlech hei am Land keng lerschaftssteuer an direkter Linn, dat heescht tëschent Elteren a Kanner oder Grousselteren an hire Kandskanner, ze bezuelen.

Dësen Ënnerscheid gëtt elo opgehuewen. Mat dem Gesetzesprojet gëtt den Droit de mutation bei enger lerschaft an direkter Linn op null gesat. Dat heescht, dass an deem virgenannte Beispill keng lerschaftssteuer an och keen Droit de mutation op engem Immeubel hei am Land méi muss bezuelt ginn. Et ass an deem Fall egal, ob dee Verstuerwene säi leschte Wunnsätz zu Lëtzebuerg oder am Ausland hat.

Här President, och bei enger lerschaft zwëschen zwee bestuetene Leit oder zwee Leit, déi méi laang wéi dräi Joer gesetzlech gepacst sinn a gemeinsam Kanner hunn, gëtt et bis elo Ënnerscheeder tëschent dem Droit de mutation an der classescher lerschaftssteuer, dem Droit de succession. De Basistaux vun dem Droit de mutation ass hei 5%. Dee gëtt mat sougenannten Zéngtel awer erhéicht, jee no Wäert vun dem Immeubel, dat verierft gëtt. Den Taux vun der lerschaftssteuer, also dem classeschen Droit de succession, ass dergéint null.

Eng Fra, déi zu Réimech vun hirem verstuerwene Mann en Haus vu 500.000 Euro Verkaufswäert ierft, wou de Mann säi leschte Wunnsätz zu Perl an Däitschland hat, misst dorops insgesamt 12%, also bal 60.000 Euro Droit de mutation bezuelen, wa keen Ehevertrag besteet, no deem den iwwerliewenden Ehepartner alles iwwerdroe kritt. Hätt de Mann dergéint säi leschte Wunnsätz hei am Land gehat, géif keng lerschaftssteuer ufalen. Och deen Ënnerscheid gëtt mat dësem Gesetz ofgeschaf. Bestuete Leit respektiv Leit, déi an engem gesetzleche Partenariat liewen a gemeinsam Kanner hunn, müssen elo keen Droit de mutation méi bezuelen.

Här President, dat sinn déi zwee Hauptpunkte vun dësem Gesetzesprojet. Déi europäesch Rechtssprechung huet och nach zwou méi kleng Ännerungen verlaangt. Si hunn e manner fundamentale Charakter. Dës betreffe méi genee d'Berrechnungsbasis, op där den Droit de mutation gezu gëtt. Bis elo gouf den Droit de mutation op dem Verkaufswäert vun engem Immeubel berechent, ouni dass een dovunner konnt Chargen ofzéien. Bei der lerschaftssteuer dergéint gi fir d'Berrechnungsbasis d'Schulden vun deem Verstuerwene mat a Betruecht gezunn.

Mat dësem Gesetzesprojet gëtt elo och fir den Droit de mutation den Nettowäert agefouert. Et kann een deemno vun dem Bruttoverkaufswäert elo och d'Schulden ofzéien. Dëst géillt fir déi Schulden, déi duerch den Immeubel garantéiert sinn, zum Beispill mat enger Hypothék. Mä och déi Schulden, déi gemaach goufen, fir den Immeubel ze kafen oder en a Stand ze setze respektiv ze erhalen, kënnen vun dem Bruttowäert ofgezu ginn.

Schliesslech féiert de Gesetzesprojet um Niveau vum Droit de mutation en Abatement vun 38.000 Euro an. Dësen Abatement kann op dem verbleiwenden Nettowäert vum Immeubel an Zukunft och nach ofgezu ginn. D'Viraussetzung ass eng lerschaft zwëschen zwee bestuetene Leit respektiv Leit, déi zënter méi wéi dräi Joer an engem gesetzleche Partenariat liewen a keng gemeinsam Kanner hunn. Hei läit de Basistaux souwuel bei der lerschaftssteuer grad wéi beim Droit de mutation nämlech net bei null, mä bei 5%.

Zu gudder Lescht gëtt keen Droit de mutation erhuewen, wann den Nettowäert vum Immeubel ënner 1.250 Euro läit. Dës Franchise gëtt et och scho bei der classescher lerschaftssteuer.

Här President, d'Berufschamberen, déi dëse Gesetzesprojet aviséiert hunn, hunn déi virgeschloen Ännerungen alleguerten begréisst, dat net zulescht opgrond vun enger steigender Tendenz, dass weinst den héijen Immobiliepräisser hei am Land et ëmmer méi Leit déi Säit d'Grenze féiert. D'Chambre de Commerce ass an hirem Avis och op den Aspekt vun der lerschaftsplanung agaangen. Well jee no leschem

Wunnsätz vum Verstuerwenen entweder hei am Land oder am Ausland gouf et bis elo eng ënnerschiddlech Besteuerung vum engem Immeubel zu Lëtzebuerg.

De Statsrot hat sengersäits och kee Problem mat de virgeschloenen Ännerungen. A sengem Avis huet déi héich Kierperschaft eng Rei zousätzlech politesch Betruechtungen gemaach. Dës ginn zum Deel iwwert de Kontext vun dem Gesetzesprojet, deen et eigentlech ze aviséiere gouf, eraus.

De Statsrot gëtt ze bedenken, ob et vereinbar mat dem Gläichheetsprinzip vun dem Artikel 10bis vun der Verfassung wier, dass bestuete Leit respektiv Leit, déi gepacst sinn a gemeinsam Kanner hunn, keng lerschaftssteuer bezuelen, währenddeem, wa keng gemeinsam Kanner do sinn, e Basistaux vu 5% applizéiert gëtt.

De Statsrot huet deemno virgeschloen, och lerschaften tëschent bestuetene Leit respektiv Leit, déi méi wéi dräi Joer an engem Partenariat liewen a keng gemeinsam Kanner hunn, vun der lerschaftssteuer ze befreien. D'Finanzkommissioun huet op deem Punkt majoritär d'Positioun vun der Regierung gedeelt. D'Kommissioun war deemno mehrheetlech der Meenung, datt et kee Verstouss géint de Gläichheetsprinzip gëtt, well déi Leit, jee nodeems se gemeinsam Kanner oder keng gemeinsam Kanner hunn, souwuel faktesch wéi och rechtlech an zwou verschiddene Situatiounen sinn.

De Statsrot huet och nach virgeschloen, an dem Gesetzestext formell ze preziséieren, dass keng lerschaftssteuer geschëllt wier am Kader vun enger Adoption plénière. D'Finanzkommissioun wollt dësem Virschlag vum Statsrot net nokommen. Zënter 1989 gëtt et eng generell Bestëmmung an dem Code civil, déi Kanner aus enger Adoption plénière mat de Kanner aus engem Bestietnis gläichsetzt an déi och a Steiermatière spillt. Dat heescht, dass och ouni Prezisioun et kloer ass, dass Kanner aus enger Adoption plénière keng lerschaftssteuer a keen Droit de mutation hei am Land bezuelen.

Bei enger Adoption simple gëtt dergéint e Basistaux vun 9% applizéiert, well den Adoptéierten och nach lerschaftsrechter a senger Famille d'origine huet. Och an anere Besteuerungsbestëmmungen ginn duerfir Ënnerscheeder gemaach tëschent Adoption simple an Adoption plénière.

Schliesslech huet de Statsrot nach virgeschloen, am Sënn vun der steierlecher Ënnerstëtzung vun der Philanthropie lerschaften a Schenkungen fir eng Gemeng, en Établissement public, en Hospice civil, eng Fondatioun, e Culte oder eng A.s.b.l., déi als d'intérêt public unerkannt ass, vun der Steuer ze befreien. De Moment gëtt zënter der Steuerreform vom Dezember 2008 hei en Taux vu 4% applizéiert.

lerschaften oder Schenkungen, déi enger Bourse d'étude oder enger Uni respektiv enger Schoul zeguttkommen, sinn dergéint vun der lerschafts- respektiv Schenkungssteuer befreit.

D'Finanzkommissioun war hei der Meenung, dass de Virschlag vun dem Statsrot géif iwwert de Kader vun dem Gesetzesprojet erausgoen. Dës Fro muss ee gegebenenfalls an engem méi generelle Kontext ugoen.

Här President, ech verweise fir de Rescht op mäi schrëftleche Bericht, dee majoritär an der Finanzkommissioun ugeholl ginn ass. Ech soen der Direktioun vun dem Enregistrement Merci fir hir onkomplizéiert Mataarbecht an enger dach méi komplexer Matière. Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Gilles Roth Merci. Als éischte Riedner ass den Här Fernand Etgen age droen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Félicitatiounen an een opriichtege Merci un de Rapporteur, un den Här Gilles Roth, fir säin exzellente schrëftleche Rapport a säi präzise mëndleche Virtrag. Virewech wëll ech



meng Satisfaktioun zum Ausdrock bréngen, datt mer den Droit de mutation par décès bei lerschaften an direkter Linn ofschafen. Dat ass eng iwverfällég Mesure, net nëmmen, well se schonn 192 Joer al ass, mä virun allem, well se den ekonomeschen, sozialen a gesellschaftleche Realitéiten net méi entsprécht.

Waren et viru Joren haaptsächlech Leit, déi hei zu Lëtzebuerg keng Plaz an engem Fleegeheim fonnt hunn an duerfir op Mesancy oder soss an d'Ausland hu misse goen, ass et haut esou, dass wéinst deenen héijen Immobiliepräisser vill Leit an hirer Pensioun an d'Ausland wunne ginn, an esou hir Ierwen, Kanner a Kandskanner, en Droit de mutation hu misse berappen.

An dësem Sënn a fir dës Realitéite Rechnung ze droen, hat an der leschter Legislaturperiod mäi Fraktiounskolleeg, den DP-Deputéierten Alexandre Krieps, den 29. Abrëll vun dësem Joer eng Proposition de loi déposiert, fir den Droit de mutation an direkter Linn tëschent enger bestueter Koppel oder bei zwee Leit, déi méi wéi dräi Joer gesetzlech gepacst sinn, ob se Kanner hunn oder net, mam Droit de succession gläichzesetzen.

De Projet de loi, dee mer haut stëmme sollen, gesäit awer nëmme vir, den Droit de mutation bei Koppele mat Kanner ofzeschafen. Och de Conseil d'État, an de Rapporteur huet dorop higewisen, hat virgeschloen, keen Ënnerscheid ze maachen tëschent Koppele mat an ouni Kanner. Och si mir als DP-Fraktioun der Meenung, datt ee mat dëser Diskriminatioun misst ophalen. Duerfir gëtt et eng Rei gutt Grënn, déi den Alexandre Krieps am Exposé des motifs vu senger Proposition de loi opgefouert hat.

D'Zuel vun de Koppelen ouni Kanner hält stänneg zou. Engersäits Koppelen, deenen hire Kannerwonsch onerfëllt bliwwen ass, an déi da fir hiert gemeinsam erschaffent Haus duerch d'Majoratioun vum Basistaux lerschaftssteuer mat engem zweestellige Pourcentage, am Beispill vum Här Roth wären et 12%, hu misse bezuelen. Anerersäits Koppelen, déi fir d'zweet oder d'drëtt bestuet sinn, déi awer scho Kanner aus engem viregte Mariage hunn, déi dann en Deel vun hirem schwéier Erspuerter mussen dem Fisc iwverloossen. A menger berufflecher Experienz als Enregistrementsbeamten huet een eng ganz Rei kuriéis Fäll erlieft. Mir dierfen net vergiessen, datt mer virun 193 Joer eng ganz aner Konzeptioun vum Liewe vun enger bestueter Koppel haten.

Weider hätt mir als Demokratesch Partei gäre gesinn, datt mer och eng fiskalesch Gläichstellung bei der Adoption plénière an Adoption simple kritt hätten.

Här President, opgrond vun deene gesellschaftleche Realitéiten, déi manifest sinn, ass et fir d'DP absolut net verständlech, datt d'LSAP hei esou nonchalant mat op de Wee vun der CSV geet. Dat läit awer wahrscheinlech dorunner, datt d'LSAP och den Droit de succession an direkter Linn wëllt aféieren, an dat léiwer haut wéi muer. Schliesslech solle jo laut dem Här Lux déi breet Schëllere méi droe wéi déi schmuel. An anere Wieder, déi Leit, déi Dag fir Dag d'Äerm eropstréppen, fir hiert Haus ofzebezuken, déi sollen, wa se dat Haus un hir Kanner wëlle weiderginn, fir hiren Asaz an hire Leeschtungswëlle bestrooft ginn.

Här President, als Demokratesch Partei hätt mir et och gäre gesinn, datt elo, wou mer Ännerungen am lerschaftssteuerrecht maachen - an den Här Rapporteur huet et gesot, datt mer net all Dag do Ännerunge virhuelen -, mir vun der Geleeënheet profitiert hätten, fir zwou aner Upassungen virzehuelen. Eischstens, fir de Fräibetrag vun 38.000 Euro tëschent enger Koppel, vun deem de Rapporteur och schonn hei geschwat huet, un déi heiteg Gegebenheeten unzepassen. Dese Fräibetrag gouf 1984, also virun engem Véierelsjorhonnert, mat engem Montant vun annerhallef Millioun Lëtzebuerger Frang agefouert. Deemools huet e ganz normaalt Haus ongeféier dräi Millioun Frang kascht. Wann eng Koppel sech also en Haus zesummen ugeschafft hat, an et ass ee vun hinne gestuerwen, ass d'Halschent, also annerhallef Millioun, an d'Successioun gefall, an dës Halschent wär da ganz duerch de Fräibetrag ofgedeckt. Haut kascht e ganz normaalt Haus 400.000 Euro oder méi. De

Fräibetrag vun 1984 vun 38.000 Euro deckt awer nëmmen e ganz klengen Deel vun der Halschent of.

Zweetens, déi zweet néideg Upassung hätt doranner bestanen, fir de Barème de majoration ze änneren, deen och zënter 1984 net méi adaptéiert ginn ass. Well awer de Wäert vun den Immobilien an där Zäitspan regelrecht explodéiert ass, ass d'Steierlaascht drastesch an d'Luucht gaangen. Ech géif lech dat unhand vun engem Beispill illustréieren.

Huele mer un, 1984 hätt en Haus 100.000 Euro kascht. De Besteuerungssaz wär ënner Bridder 6% plus sechs Zéngtel, also 9,6% gewiescht. Haut kascht een Haus 400.000 Euro. De Besteuerungssaz fir dëst Haus ënner Bridder ass haut 6% plus 13 Zéngtel, also 13,8%: eng Hausse vum Besteuerungssaz vu 4,2%. Ënner Leit, déi Famill matenee sinn, hu mer eng Hausse vum Besteuerungssaz vu 24 op 34,5%.

Här President, d'Netupasse vu Fräibeträgen a vum Barème kënn also enger substanzierler schlächender Steiererhéijung gläich. Et dierft dëst net nëmmen ee battere Virgeschmaach vun deene Steiererhéijunge sinn, wéi mer se vun dëser CSV/LSAP-Majoritéit an noer Zukunft nach an anere Beräicher ze erwaarden hunn.

► **M. le Président.**- Här Etgen, Dir misst esou lues zum Schluss kommen.

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, well mer mat dësem Projet nëmmen zum Deel Satisfaktioun kréien, well d'Diskriminatioun vu Koppele mat oder ouni Kanner bestoe bleift a well d'Regierung längst iwverflësseg Upassungen net gewëllt ass unzegoen, wäert d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei sech beim Vote vun dësem Projet enthalten.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Etgen. Als leschte Riedner ass den Här Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här President, den honorabelen Här Roth huet a sengem Rapport op esou eng exzellent Aart a Weis déi relativ komplex Matière vum lerschaftsrecht erkläert, dass ech als Laien och net méi wëll drop zrëckkommen.

Ech si selbstverständlech d'accord mat deem Prinzip vun der Gläichbehandlung an deenen zwee Fäll; do, wou et ëm den Domicile geet, an do, wou et ëm d'Partenariat geet. Ech sinn och der Meenung, dass dem Här Etgen seng Iwwerleeungen ausser enger - op déi kommen ech awer elo - och kéinten a Betrecht gezu ginn, fir differenzéierte Situatiounen am lerschaftsrecht, och wou net direkt Famill ass, vläicht besser kënnen entgéintzekommen.

Ech hunn awer nach dem Här Finanzminister seng Fro ganz daitlech an den Oueren, wéi laang mer nach a wéi mer kéinten de Sozialstat finanzéieren. An do hunn ech mer eigentlech geduecht, hei wär eng Pist gewiescht, wou et derwäert gewiescht wär, driwwer nozedenken.

Wann ech - an dat ass awer eng Äntwert op dem Här Etgen seng Remarque zu der Sozialistescher Partei - vu mengen Elteren en normaalt Haus ierwen an ech géif dorobber missen lerschaftssteuer bezuelen, da géife meng Elteren oder, déi liewe jo dann net méi, ech mech natierlech iergeren, esou dass ech dat also okay fannen, dass et an deem do Fall en ligne directe keng gëtt. Wann ech awer zéng Haiser ierwen oder e Pak Aktië vun zéng Milliounen Euro, fir déi ech näischt geschafft hunn, dann ass et fir mech net méi esou evident, dass ech keng lerschaftssteuer bezuelen.

Wann ee wëllt méi eng gläichméisseg Verdeelung vum Besëtz an der Gesellschaft, da kënn een net laanscht d'Fro vun der lerschaftssteuer och en ligne directe derlaanscht, mat engem vernünftege Fräibetrag. Dat kënn jo beispillsweis sinn de

Wäert vun engem zolitten Eefamilljenhaus, dann awer mat enger Progressivitéit. De Prinzip vun der Progressivitéit, dee mer bei der Akommessteuer hunn, kann een absolut och op aner Steieren uwenden. Ech dierf och drun erënneren, dass mer keng Verméigenssteuer méi hunn. Op déi hätt een och kënnen eng Progressivitéit setzen, op déi lerschaftssteuer also och.

Ech stëmme also dat Gesetz net. Ech enthalte mech, well ech mat deem Gläichbehandlungsprinzip d'accord sinn. Mä op där anerer Säit, mengen ech, déi Geleeënheet hätt ee kënnen notzen, fir och an deem heite Beräich méi Steiergerechtegkeet anzeféieren.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Hoffmann Merci. An elo kritt d'Wuert den Här Finanzminister Luc Frieden.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Här President, ech géif fir d'éischt gären am Numm vun der Regierung dem Här Roth Merci soe fir säi Rapport an och déi Aarbecht, déi e mat de Kolleegen an der Finanzkommissioun an deem do Kontext gemaach huet. D'Zil vun dësem Projet de loi, wéi den Här Roth exposéiert huet, ass am Fong, fir ze kucken, datt eist nationaalt Recht am Aklang steet mam europäesche Recht.

Dat war dat eenzeg Zil vun dësem Projet de loi, an duerfir kann een nëmmen erstaunt sinn, datt virun allem de Statsrot iwver seng normal Kompetenzen erausgang ass, andeem en dësse Projet de loi geholl huet an dann eng Rei Ännerungen zum Steuerrecht proposéiert.

Sécherlech, all Dag begéinen ech Leit, déi gutt Iddien hunn zum Steuerrecht. Ech wëll just dem Statsrot an och deenen, déi heibanne Suggestiounen an deem Kontext gemaach hunn, soen, datt dat net d'Zil vun dësem Projet de loi war an datt mer selbstverständlech an dëser Legislaturperiod iwver eng ganz Rei Steiergesetzer wäerte mussen diskutéieren, an da kann een och eng Rei vun deenen Iwwerleeungen do mat eranhuelen.

Dat Zweet, wat ech wëll soen am Kontext vun deenen Diskussiounen, ass, datt ech absolut net d'accord sinn, weder mam Statsrot nach mat deenen, déi heibanne geschwat hunn, fir ze soen, datt dat eng Fro vun Diskriminierung oder Netgläichbehandlung wär.

De Prinzip vun der Gläichheet, esou wéi en an der Verfassung steet, an op dee sech de Statsrot net berëfft, ass ëmmer nëmme Gläichheet tëschent deene Leit, déi a genau där gläicher Situatioun sinn. A Famillje mat Kanner a Familljen ouni Kanner si juristeschesch net an där nämlecher Situatioun, an duerfir ass de Gesetzgeber och net dru gehalen, déi am Steuerrecht op genau déi nämlechte Aart a Weis ze behandelen. Dat wär déi juristesche Aart a Weis.

Ob een dat politesch d'nämlechte mécht, datt ass eng aner Diskussioun. Doriwwer kann een diskutéieren. Ech menge schonn, datt et gewëssen Iwwerleeunge ginn, déi mer och traditionell am Steuerrecht haten, déi Sënn maachen, datt ee Famillje mat Kanner anescht behandelt wéi Familljen ouni Kanner, well och do eng ganz Rei zousätzlech Belaaschtungen op déi zoukommen.

Mä do kann een ënnerschiddlecher Meenung sinn. Doriwwer kann een diskutéieren. Dat ass awer, wéi gesot, net den Objet vun dësem Projet de loi gewiescht.

Wat d'Fräibetrag ubelaangt, déi den Här Etgen hei ugeschwat huet, muss ech soen, datt en domat wäit ewech ass op d'mannst vun engem vun de viregte Wahlprogrammer vun der Demokratescher Partei, an deem nämlech stoung, datt d'Steierrecht misst méi einfach ginn, an duerfir missten d'Fräibeträgen ofgeschafft ginn.

Datt ee ka plädéieren derfir, fir d'Fräibetrag an d'Luucht ze setzen, dat, mengen ech, muss een ëmmer kucken am Kontext vun allen anere Fräibeträgen an am Kontext vun der finanzieller Situatioun vum Stat. Net all Fräibetrag, déi mer fréier eng Kéier

agefouert hunn, mussen genau d'nämlechte bleiwen. Ech mengen, och dat soll een am Kader vun enger méi breeder Steierdiskussioun kucken, an net een eraushuelen an da soen: Mä do hätt mer nach gäre méi en héije Montant, well dat passt net an e Gesamtbild vun der Besteuerung.

Schlussendlech géif ech soen, wat d'lerschaftsrecht oder den Droit de succession an direkter Linn betrëfft, esou mengen ech, datt et gutt ass - an dat huet vill zum Opbau vun enger staarker Mëttelklass an eisem Land bäigedroen -, datt eist Land eent vun deene rare Länner an Europa ass, wat keng lerschaftssteuer an direkter Linn huet, well et de Leit doduerch vu Generatioun zu Generatioun an eisem Land besser gaangen ass wéi der Generatioun vu virun. An duerfir wollt ech lech soen, datt d'Regierung net an hiren Intentiounen huet, eng lerschaftssteuer an direkter Linn anzeféieren.

Mä nach eng Kéier, den Objektiv vun dësem Gesetz war just - wann ech esou dierf soen - eist Recht kompatibel ze maache beim Droit communautaire. Dat Zil hu mer erreicht. An duerfir wollt ech deene Merci soen, déi zu dësem Projet geschwat hunn, a virun allem och deenen, déi et stëmme.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Finanzminister Merci. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5954.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmme. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5954 ass ugeholl mat 43 Jo-Stëmme a 17 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Nancy Arendt), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Raymond Weydert), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 5872, eng Direktiv iwwert d'Beruffer vum Audit. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: déi Häre Bettel, Klein an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

